ROYAL · HAMILIUS

AU CENTRE DE BELLES HISTOIRES

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2023

# Presse-Communiqué
# Royal Hamilius, Firce Capital

***Firce Capital, a senger Qualitéit als Asset Manager vum Royal Hamilius an der Stad, wëll verschidden Aspekter klären am Zesummenhang mat de rezenten Artikelen a verschiddene Medien zu Lëtzebuerg zum Theema Manifestatioun vum 8. Mäerz 2023 (Internationalen Dag vun de Fraerechter).***

Als éischt respektéiert Firce Capital d'Recht fir ze manifestéieren, ee garantéiert Recht dat esou guer an der Lëtzebuerger Verfassung festgehale gëtt.

Da wëll Fierce Capital betounen, dass si ni, weder vum Organisateur, nach vun de kommunalen oder aneren Autoritéiten am Kader vun dëser Manifestatioun op der Hamiliusplaz kontaktéiert goufen.

Firce Capital rejetéiert deemno all Verantwortung wat dës Polemik ronderëm des Manifestatioun vum 8. Mäerz ugeet.

Firce Capital insistéiert, dass d'Hamiliusplaz eng ëffentlech Plaz ass déi vun der Stad Lëtzebuerg reglementéiert gëtt, dat entspriechend der Konventioun mat der Stad Lëtzebuerg, Proprietär vum foncier Royal Hamilius.

Firce Capital wëll op alle Fall mat der Press an dem Grand Public zu Lëtzebuerg, souwéi och mat den kommunalen Autoritéiten, déi beschte Relatiounen ënnerhalen, am géigesäitesche Vertrauen a Respekt. Firce Capital huet absolut net wëlles sech a Missiounen, déi déi ëffentlech Uerdnung uginn, anzemëschen. Dat ass eleng d'Aufgab vun de kompetente Lëtzebuerger Autoritéiten.